# Villmools Merci fir Äert Engagement

*Usprooch vum Här Fernand Etgen, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a Konsumenteschutz*




Här Äerzbëschof,
Här Generalvikar,
Dir Dammen an Dir Kolleginnen a Kollegen aus der Chamber,

Léif Éieregäscht,
Léif Jongbaueren a Landjugend,

Erlaabt mer fir d'éischt de Jongbaueren an der Landjugend fir hiren enormen Asaz fir de landwirtschaftleche Secteur hei zu Lëtzebuerg ze felicitéieren. Äert Engagement ass exemplaresch an dofir ass et mir och net baang ëm d'Zukunft.

Ech verstinn awer Är berechtegt Bedenke wat d'PAC no 2020 uginn.

An deem Kontext wëll ech och dem Frank Schmit, fir seng ganz prezis an interessant Informatiounen an Ureegungen iwwert d'Zukunft vun der PAC Merci soen. Ech ginn dowéinst elo hei net méi op den Detail an: Mä et ass mer awer wichteg ze ënnersträichen, datt ech Iech a punkto Budget Recht ginn.

De Frank huet et beschriwwen, mir ginn ëmmer méi ambitiéis wat d'Ziler vun der PAC uginn an dofir brauche mer een adequate Budget. Do sinn d'Agrarministeren, zesummen mat dem Kommissär Hogan, sech och eens, mä et sinn nach anerer, déi hei matschwätzen ; mer hu wéi gesot de Brexit, mir hunn d'Migratioun, asw… Dat heescht, wa mer den Budget, wéi mer en elo hu behalen, da kënne mer frou sinn.

Et ass awer och net nëmme Bréissel hei am Spill - ech wëll haut hei nach eng Kéier betounen, datt wann am Kader vum Développement rural vu Bréissel 1 Euro kënnt, da leeë mir hei ze Lëtzebuerg am Kader vum Agrargesetz nach emol 4 Euro bäi. Dat heescht, déi Mëttele vu Bréissel ginn domadder verfënneftfacht !!!!!!!!

Dat ass eemoleg an der EU, gitt emol bäi Är Noperen hei ronderëm kucken!

Ech sinn och dofir datt mer d'Struktur mam éischten an zweeten Pilier bäibehale sollen, mä déi 2 mussen, wéi gesot besser openeen ofgestëmmt ginn.

Ee gutt Beispill ass hei d'Reegel wéini een eng Jongbauereprimm zegutt huet. Déi si jo ganz anescht am éischte Pilier wéi am Agrargesetz, mir wollten dat eigentlech ugläichen, mä dat ass äis vu Bréissel net gestatt ginn, well d'Texter dat net hierginn.

Léif Jongbaueren,

Ech fannen Är Iwwerleeungen, wat d'Jetonen ugi ganz interessant. Jiddefalls mussen se diskutéiert ginn, mir läit et OCH um Häerz, datt mer déi aktiv Baueren ënnerstëtzen an net de Verpächter.



Mir mussen awer e Gläichgewiicht zwëschen engem gesonde Strukturwandel an enger gerechter Verdeelung vun de finanzielle Méttelen erreechen.

Dat gëtt e ganz wichtegen Aspekt, an elo kommen ech op den nächste Punkt, dee mer um Zukunftsforum wäerten diskutéieren. An NEEN, dat ass kee Lückenfüller am Koalitiounsprogramm, ganz am Contraire! Ech wëll iwwregens drun erënneren, datt mer schonn een Zukunftsforum haten, nämlech de Qualitéitsdësch, wou et ëm d'Promotioun vu regionale Produite goung - ech kommen herno nach eemol drop ze schwätzen… Wat elo d'Zukunft vun der PAC ubelaangt, ass virgesinn, datt mer ee Forum am Ufank vum nächste Joer starten. Dat soll eng breet an déif Diskussioun ginn, mam Beruff, matt Iech, also och mat den aneren Acteure vun der Gesellschaft, fir datt mer de Modell entwéckelen, deen op Lëtzebuerg passt.

Hei ass d'Rifkin-Etüd een Deel vun der Diskussiounsbasis, wou mer kënnen drop opbauen. E weideren Deel sinn natierlech d'Iwwwerleeunge vun der Kommissioun fir déi nächst Reform, mä och ënner anerem eis Obligatiounen am Klima- an Naturschutzberäich. Dat musse mer, esou mengen ech, alles als e Ganzt diskutéieren. Ech freeë mech jiddefalls op dësen Debat.

Dir gesitt also, mir huelen de Koalitiounsprogramm ganz eescht, an dat gëllt iwwregens och fir d'*Plans sectoriels.*

Déi 4 *Plans sectoriels* sinn iwwerschafft ginn, a sinn esou wäit fäerdeg, fir publizéiert ze ginn. Do virdrun muss awer nach dat neit Landesplanungsgesetz gestëmmt ginn ; dëst, wann alles optimal geet, nach virun Ënn vun dësem Joer.

Wat elo dee fir d'Landwirtschaft wichtege *Plan sectoriel paysager* ugeet, ass et sou, datt dëse *par rapport* zu der Versioun, déi ënnert der leschter Regierung ausgeschafft ginn ass, op wesentleche Punkte vereinfacht an entschlaakt ginn ass.



Et sinn elo just nach d'*Grands ensembles paysagers*, d'*Zone verte interurbaine*, an d'*Coupures vertes* an dem *Plan sectoriel paysager* verbliwwen. Oplagen, déi net dra gehéieren, goufen erausgeholl.

Bei de *Coupures vertes* ass all eenzel genau analyséiert ginn, fir eng Léisung ze fannen, wa landwirtschaftlech Betriber betraff waren. Ech denken, datt d'Landwirtschaft insgesamt mat dem neie Projet gutt ka liewen.

Eng *Zone agricole* ass net zeréckbehale ginn, an dat huet och säi Grond: domadder wollte mer nach weider Contraintë fir eis Betriber evitéieren. Esou wär et zBsp nach méi schwéier ginn, fir ee gëeegente Site, fir een Aussiedlerbetrib ze fannen. Donieft war et och esou, an ech soen dat hei riichteraus, datt de Beruff sech an dëser Fro net eens war.

Wou mer äis awer alleguerten eens sinn, ass datt mer eng koordinéiert Landesplanung an och eng besser Gestioun vun eise Fläche brauchen. Dozou gehéiert aus der Siicht vun der Landwirtschaft virun allem d'Ofbremse vun dem rasante Flächeverbrauch an dem Verloscht vu wäertvolle landwirtschaftleche Flächen. Dat ass fir mech déi gréissten Erausfuerderung vun der Landwirtschaft hei am Land. Keen anere Secteur ass esou vum Buedem ofhängeg, wéi d'Landwirtschaft.

Laut dem STATEC ass de Buedemverbrauch vun 310 ha/a an de Joren 2000-2010 op 200 ha an de Joren 2011-2015 zréckgaangen. Fir d'Kompensatiounsfläche brauche mir ronn 50 ha pro Joer. Dobäi muss ee soen, dass eng grouss Partie vun dësen Terrainen de Statut vum *Terrain agricole* behält, also weider

op dëse Kompensatiounsterrainen eng landwirtschaftlech Produktioun wäert stattfannen. Ech hu mech mat Erfolleg dofir agesat, datt am neien Naturschutzgesetz och eng Mesure drakomm ass, fir de wäertvolle landwirtschaftleche Buedem ze schützen.

Esou sollen d'Kompenséierungsmoossnamen net op deene landwirtschaftlech wäertvolle Biedem gemaach ginn an den Ëmweltminister passt bei de Geneemegungsprozeduren op, fir d'Inzidenzen op déi gutt Biedem ze reduzéieren. Do dernieft kritt den ONR an Zukunft nach méi eng wichteg Roll beim Tausch a bei der Acquisitioun vun den Terrainen.

Zil muss et sinn, déi gutt Biedem hei zu Lëtzebuerg fir d'Landwirtschaft ze reservéieren an net mat alle méiglechen Oplagen ze beleeën. Nëmmen esou kann eng kritesch Mass vu viabelen an zukunftsfäege Bauerebetriber zu Lëtzebuerg erhale ginn.



Et ass och virgesinn, fir eng enk Zesummenaarbecht zwëschen de Verwaltungen aus Landwirtschaft an Ëmwelt opzebauen, fir datt genau dat net geschitt, wat Dir beschreift. Et duerf kee wäertvolle Buedem verluer goen an déi Moossnamen, déi geholl ginn an der Kompenséierung musse passen, op den Standuert an och op d'Betriber, déi se sollen ëmsetzen.

Wat de Volet vun der Nitratdirektiv ubelaangt,  hat ech dat lescht Joer schonn op dëser Plaz Stellung geholl. Et stëmmt, datt déi Approche vun de Sperrfristen net optimal ass an datt eng flexibel Reegelung vill besser wär. De Schutz vum Waasser ass awer op der anerer Säit ee vun de gréissten Defien hei am Land, do si mer äis eens. An hei stinn am Moment d'Planzeschutzmëttele ganz am Fokus vun der Ëffentlechkeet.

Ech wëll dowéinst ganz kuerz op d'Thema Planzeschutz agoen ; e komplexen a sensibele Sujet. De Planzeschutz, och dee chemeschen, hëlleft de landwirtschaftleche Produzenten, den Ertrag ofzesécheren an esouguer ze steigeren an doriwwer eraus d'Qualitéit vun de Liewensmëttel a viller Hisiicht ze verbesseren. De Planzeschutz, och de chemeschen, huet an deem Sënn e wäertvolle Bäitrag zur Nahrungsmëttelsécherheet geleescht, a mécht dat och nach haut. Dorunner besteet keen Zweiwel.

Trotzdeem kënne mer äis der Thematik vu gewëssen negativen Auswirkungen op Mënsch an Ëmwelt vu Planzeschutzmëttel net verschléissen a mussen an der Landwirtschaft no neie Weeër a Léisunge sichen, fir den Asaz vu Planzeschutzmëttel ze reduzéieren. Dat ass en evolutive Prozess. Dës Problematik ass och an der Rifkin-Studie, déi eis Regierung an Optrag ginn huet, thematiséiert ginn.

An der Rifkin-Studie ass esou zum Beispill virgesinn, den Asaz vu chemesche Planzeschutzmëttel bis 2050 op Null ze reduzéieren. Dat ass nach ee wäiten an haarde Wee. Mä dorunner musse mer gemeinsam schaffen.

An deem Kontext wëll ech och eise PAN - de *Plan d'Action National* pour la R*éduction des Produits Phytopharmaceutiques* - erwänen, deen iwwerschafft gouf an demnächst publizéiert gëtt. De PAN enthält eng Rei vu Pisten a Moossnamen, fir dës Ziler ze erreechen. Mä virun allem weist de PAN dorop hin, wat d'Landwirtschaft an dëser Hisiicht schonns alles mécht. Ech denken un de Warndéngscht *Sentinelle*, den *EFFO-Projet* vun der FILL, d'Waasserschutzberodung, d'Agrarëmweltmoossnamen; alles Projeten a Mesuren, déi och vum Landwirtschaftsministère finanziell ënnerstëtzt ginn.



D'Welt evoluéiert, bleift net stoen! Haut gëtt de chemesche Planzeschutz - deels zu Recht - ganz kritesch vun enger Majoritéit vu Leit an eiser Gesellschaft gesinn, virun allem wéinst de Risike vu Planzeschutzmëttel fir Mënsch an Ëmwelt. Et wär falsch vun der Landwirtschaft dat net ze erkennen an sech an dëser Hisiicht ze renferméieren. D'Zil vun der Landwirtschaft muss en Ëmdenke sinn, fir natierlech net vun haut op muer, Alternativen zum chemesche Planzeschutz ze entwéckelen an unzewenden.

Virun allem déi rezent Diskussioun iwwert de Glyphosat weist äis, wat d'Gesellschaft an déi ëffentlech Meenung an dëser Hisiicht vun der Landwirtschaft verlaangt an a wéi eng Richtung et an d'Zukunft geet, ob et äis gefält oder net.

Fakt ass awer och, an Dir hutt et selwer gesot an Ärer Stellungnam, datt d'Landwirtschaft et ouni Problem ouni Glyphosat packt, fir elo emol nëmmen dëst Planzeschutzmëttel als Beispill ze zitéieren.

Léif Jongbaueren a Landjugend,

Et stëmmt datt mer bei der Ammoniak-Reduktioun an der Flicht stinn. Am Kader vun der NEC-Direktiv musse mer bis 2030 ëm 22% erofgoen. Dat ass e groussen Defi.

Mä fir ze soen, datt mer der buedemnoer Ausbréngung vun der Gülle de Stull ënnert dem Hënner ewechgezunn hunn, kann ech esou net stoe loossen.



Am Kader vun den Agrarëmweltmoossname gëtt d'Ausbréngung selwer jo gefërdert an dat ass vill méi effikass wéi just d'Maschinn ze bezuelen. Dat war d'Iddi.

Am Kader vun der NEC-Direktiv muss jo e *Plan d'action* ausgeschafft ginn an ech hu proposéiert, datt mer an deem Kader eis bestoend Mesuren emol ënnert d'Lupp huelen an da kucken, wou nach verbessert ka ginn. Mer musse jiddefalls eis Ziler erreechen, déi äis virgi sinn, dofir musse mer äis déi richteg Mëttele ginn.

Komme mer dann zum ominéisen Thema vun der *Simplification administrative*. Natierlech sinn ech och fir manner Bureaucratie an elo wou d'Agrargesetz an engem normale Rhythmus ukomm ass an ee schonns déi éischt Erfarunge gesammelt huet, ass et e gudde Moment fir esou eng Entrevue mat all den Acteuren am Beräich vun der Installéierung ze maachen, fir eis Prozeduren eng Kéier ze analyséieren.

Ech hu meng Servicer beoptraagt, fir esou en Atelier ze organiséieren ; dat muss natierlech an enker Zesummenaarbecht mat Iech geschéien. Gutt Iddi, maache mer gären…

Wat de Biogassecteur ubelaangt, esou wëll ech hei awer kloerstellen, datt dës Regierung weder géint de Secteur schafft nach, datt dee Secteur futtigemaach géif ginn. Et ass den MDDI, deen zënter Kuerzem d'Käschte vun engem hallwen Aarbechter fir d'Biogasvereenegung iwwerhëlt, ebe just fir dee Secteur weiderzebréngen an och weiderzeentwéckelen.

D'Finanzéierung vun de Biogasanlage leeft jo bekanntlech zënter e puer Joer ganz iwwert de Wirtschaftsministère. Dës Tariffer si fir nei Biogasanlagen interessant.

Et stëmmt och datt dës Technik et erméiglecht, datt d'Mëscht an d'Gülle vill méi effizient a méi einfach agesat kënne ginn an dobäi och nach mat vill manner Gerochsemissiounen. Ech gesinn doranner och

déi beschte Léisung fir d'Energieeffizienz vun de Betriber an de Kreeslaff vun den Nährstoffer ze optiméieren. Och wa mer un d'Reduktioun vum Ammoniak denken, gesinn ech hei eventuell en neien Elan fir de Biogas. Wa mer d'Güllelagerkapassitéit zoudecke mussen, dann ass net méi esou vill ze maache bis datt eng Biogasanlag dosteet.

Et misst een sech awer och emol méi innovativ Méiglechkeeten ausdenken, wéi mer dëse Biogas notze kéinten; hei leeft d'Fuerschung op vollen Touren, deen Zuch sollt een net verpassen. De Biogassecteur kann demno nach ëmmer eng interessant Méiglechkeet vun der Diversifikatioun duerstellen.

Ech als Landwirtschaftsminister fannen et éierlech gesot schued, wann ech gesinn datt Biogasanlagen, déi mer nach sengerzäit staark matfinanzéiert hunn, aus ënnerschiddleche Grënn zoumaachen. Fir déi bestoend Anlage kann ech d'Propos maachen, datt meng Servicer emol eng Analys maachen, wéi déi wirtschaftlech Konditioune vum Biogassecteur sinn a wou verbessert muss ginn, fir datt mer de Secteur besser ënnerstëtzt kréien.

Léif Jongbaueren,

Dir stellt Iech d'Fro, firwat all Mënsch ka Bauer gi mat egal wéi engem Schoulofschloss. Et stëmmt datt d'Landwirtschaft op gutt ausgebilte Leit ugewisen ass. D'Realitéit ass haut eng Hightech- an net eng Heidilandwirtschaft.

A wann ech d'Zuele vun den Installéierunge kucken, dann ass mengen ech de Problem net esou grouss, wéi Dir mengt. Am neien Agrargesetz hu mer bis elo 34 jonk Baueren, déi sech installéiert hunn. Dovunner hunn der 6 e Bachelor oder méi, 16 den Technicien agricole, 3 en CATP oder DAP an nëmmen 9 eng net-landwirtschaftlech Formatioun.

Mer stellen och éischter fest, datt den Niveau vun der Formatioun vun de Jonken an eise Betriber stänneg eropgeet, wat een nëmme begréisse kann. Ech wëll och soen, datt mer am Kader vun de Selektiounskritäre méi Punkte ginn, wann ee méi eng héich Ausbildung huet. Mer wollten dat jo och bei der Installéierungsprimm berécksiichtegen, mä dat huet Bréissel jo net zougelooss.

Mä och a punkto Educatioun ass dëser Regierung d'Landwirtschaft net egal. 2020 plënnert den LTA an déi nei Infrastrukturen op Gilsdref an ass domadder exzellent opgestallt, fir net nëmmen eng Schoul fir d'Éischtausbildung ze sinn, mä de Lycée ass och een essentiellen Acteur an der Berodung, an der Fuerschung an an der Weiderbildung, déi an eise schnellliewegen Zäiten ëmmer méi wichteg gëtt.

Dir Dammen, Dir Hären,

Nach e leschte Punkt. Dat neit Pachtgesetz! Et ass um Instanzewee. Den Inhalt huet de Konsens vum Beruff. Mir hunn elo den Avis vum Staatsrot. Op där Basis hoffen ech, datt d'Chamber mat hierer Aarbecht schnell virukënnt, datt mer nach virun der Summerpaus dat neit Gesetz hunn, wat e bessert Zesummeliewen tëschent Piechter a Verpiechter erlaabt a wat fir den aktive Bauer och méi Planungssécherheet wäert mat sech bréngen.

Léif Jongbaueren, léif Landjugend,

Erlaabt mer op enger positiver Nott opzehalen. An do wëll ech virop ënnersträichen, datt ech frou sinn datt d'Situatioun op de Marchéen sech nees gebessert huet – well - an Dir wäert et och um Buchstellentag e Méindeg gesinn, 2015 an 2016 ware ganz schwiereg Joren.

Doweinst hu mer jo och eng ganz Rei Mesuren hei zu Lëtzebuerg geholl, fir deem entgéintzesteieren: zum Beispill bei der Steierreform, wou mer de Mechanismus vum *carry back / carry forward* däitlech verbessert hunn, fir de landwirtschaftleche Betriber ze erlaben, gutt Jore mat schlechten ze kompenséieren.

Mir hunn och dëst Joer Avancen ausbezuelt, fir ze verhënneren, datt ee Lach an de Liquiditéiten entsteet.

No laange Verhandlunge mam Bankesecteur konnte mer d'*Année blanche* en place setzen, ee System, deen sech als ee grousse Succès erweist, well eng ganz Rei Betriber dovunner profitéieren.

Am Kader vun de Mesüre fir de *Risk Management* ofzesécheren, subventionéiere mer jo elo och d'Assurancen zu 65 %, wat och e wichtegt Thema bei der zukünfteger Reform wäert sinn…

An dann, *last but not least*, hu mer jo och e Gesetz iwwert den Agreement vun de Labele bei de landwirtschaftleche Produiten an der Chamber deposéiert.




Mat dësem Gesetzesprojet an de Reglementer, déi dat Gesetz begleeden, wëlle mer esou wuel eis landwirtschaftlech Produktioun, wéi och d'Transparenz fir de Konsument stäerken. Et ass also eng Win-Win-Situatioun. Dat ass ëmsou méi wichteg, well an Zukunft iwwert dat neit Soumissiounsgesetz net nëmmen de Kritär vum Präis, mä och Kritäre vun der Nohaltegkeet bei all Cahier de charges an deem Kontext afléisse kënnen. Mir sinn der Meenung, datt eng ganz Partie vun eise Labelen esou Kritären erfëllen an datt mir hinne mat dëse Gesetzestexter eng besser Transparenz an domadder méi Chancë ginn, fir an deem Kontext matzemëschen. Mä och de Konsument kann a sengem Alldag vun dësem System profitéieren a sech a sengem Choix fir nohalteg Liewensmëttel méi einfach guidéiere loossen.

Hei ware mer bis elo net gutt genuch an do wëll ech awer och den Hutt virun Iech ofdoe well et kee besser mécht ewéi Dir, wann et drëms geet fir Produzent a Konsument méi no zesummenzebréngen.

Dofir: All Respekt fir Är grouss Ustrengungen, déi Dir ënnerhuelt, fir de Secteur dem Grand-Public méi nozebréngen a fir den Image vun der Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg ze promouvéieren.

Ech denken do fir d'éischt un Är Aktioun *Fro de Bauer*. Si dréit ganz sécher dozou bäi, fir de Konsument objektiv ze informéieren. Dat geet am Beschte wann dat vun deene gemaach gëtt, déi de Beruf am Beschte kennen, respektiv déi hir Zukunft an dësem schéine Beruff gesinn.

***Bravo fir Äert Engagement!!!!***

Dann erënneren ech natierlech gären un déi formidabel Aktioun vum *Bauerenhaff an der Stad*, déi jo en enorme Succès hat. D'Staater Buergermeeschtesch ass esou begeeschtert, datt si gefrot huet, fir dës Aktioun an engem zweejäregen Ofstand ze widderhuelen. Eng super Saach hutt Dir hei un d'Rulle bruecht, déi aus dem Start ewech e wichtege Bestanddeel am Kalenner vun den Evenementer fir de Grand-Public am Beräich vun der Promotioun vun der Landwirtschaft ginn ass.

Är Bereetschaft fir d'Landwirtschaft ze weise kennt keng Grenzen, Äre President war sech esouguer net ze schued, fir säin neie Stall zur Verfügung ze stellen, fir op der Foire agricole ausgestallt ze ginn, éier e bei him um Haff sollt opgeriicht ginn. Dat war och eng spektakulär Aktioun, déi esou mengen ech, an där Envergure en absolute Seltenheetswäert huet a bei de Visiteuren immens gutt ukomm ass.

Maacht weider esou, et ass immens wichteg, datt d'Landwirtschaft sech no bausse weist !

Ech si jiddefalls ganz frou an houfreg, datt mer hei zu Lëtzebuerg esou eng courageiert an innovativ Landjugend hunn an et ass ëmmer eng grouss Freed, wann Dir bei mech kommt, well Dir bréngt meeschtens och eng gudd Iddi mat.

Op där Basis maachen ech mer keng Suergen, datt eis nohalteg Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg och an Zukunft ofgeséchert bleift.

Nach eng Kéier villmools Merci fir Äert Engagement a Merci fir d'Nolauschteren.